Harmonie Municipale
Bascharage a.s.b.l.

# UMELDUNGSFORMULAIRE

KANNER in Concert FLOUMAART

## fir den 9. Februar 2025

---

*Wegl. den ausgefällte Formulair bis spéitstens den **25. Januar 2025** per **Mail** zréckschécken un:*
***secretaire@hmbascharage.lu***

---

**Wat dierf verkaf ginn**: Gutt erhale Spillsaachen, Kannerkleeder, Verkleedsaachen, Bicher, pädagogesch Spiller, Gesellschaftsspiller, Kannerfilmer (DVD/Blueray/etc.) (mir biede vu „Krich“-oder gewaltverherrlechende Spiller a Spillsaachen of ze gesinn)

| | |
|---|---|
| **Opbau vun de Stänn:** | **ab 10:00 Auer** |
| **Verkaf:** | **11:00 Auer – 16:30 Auer** |
| **Ofbau vun de Stänn:** | **ab 16:30 Auer** |

| | |
|---|---|
| * *Numm vum Kand:* | |
| ** ***Numm, Virnumm vum Erzéiungsberechtegten :*** | |
| * *Hausnr., Strooss:* | |
| ** ***Uertschaft:*** | |
| ** ***Telefonsnummer:*** | |
| ** ***E-Mail Adress:*** | |
| | ! D'Confirmatioun gëtt op Är Mail iwwermëttelt |

** wichteg! onbedingt uginn w.e.g.

* optional

W.e.gl ukräizen:

Wéivill Dëscher wëllt dir reservéieren: ☐ 1 Dësch
☐ 2 Dëscher

**Info Déscher a Standgebühr**:

Dëschgréisst: **L170** cm x **B70** cm. Aus organisatorëschen- a Plazgrënn, kënne keng eegen Dëscher matbruecht an/oder opgestallt ginn. Mir verginn d'Dëscher no der Iwwerweisung vun der **Standgebühr vun 10,00.- € / Dësch**.

D'Umeldung ass eréischt fest no der Iwwerweisung vun der Standgebühr op de Kont vun der Harmonie Municipale Bascharage: **BCEELULL LU62 0019 6900 0137 5000** mam **Vermierk „Kannerfloumaart + Numm + Virnumm"**.

Wann d'Sue bei eis um Kont agaangen sinn, kritt Dir eng Confirmatioun + Äer Dëschnummer schnellstméiglech per Mail matgedeelt.

**Animatioun & Iessen :**

Fir Animatioun fir Kanner (Zauberer / Facepainting / etc.), sou wéi fir Iessen a Gedrénks ass de ganzen Dag gesuergt. Et gëtt och waarm z'iessen ugebueden – Fritten an eppes vum Grill.

**Bedingunge fir dierfe matzemaachen:**

D'Bedeelegung ass op eegene Risque. De Veräin iwwerhëlt keng Haftung fir eventuell entstane Schied oder Onfäll. Saachen déi net verkaf goufen, mussen herno erëm ageraumt a matgeholl ginn. D'Plaz muss propper hannerlooss ginn. D'Saachen déi verkaf ginn, musse kannerfrëndlech sinn an dierfe weder „Krich" –, nach gewaltverherrlechend sinn.

**Wichteg ! Onbedingt ukräizen !**

**Mat menger Ënnerschrëft*, bestätegen ech,**

☐ dass ech Är Konditioune gelies an unerkannt hunn. Ech wäert dës respektéiren.

---

☐ Ech sinn domat averstan, dass Fotoe gemaach ginn an och dass dës op Social Media gepost ginn;

☐ Ech sinn net domat averstan, dass Fotoe vun eis gemaach ginn an/oder op Social Media gepost ginn.

Uertschaft, Datum:

Ënnerschrëft:

(Erzéiungsberechtegten)

* Dir kënnt entweder per Hand oder elektronësch ënnerschreiwen.